PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 31/07/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.

An hierem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht dass 40% vun den Vertrieder an den ëffentlechen Etablissementer Frae solle sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent Frae souzen 2018 an de Verwaltungsrot vun den ëffentlechen Etablissementer ?
2. Wéi vill Prozent vun de Frae déi 2018 schonn ernannt waren sinn och haut nach an de Verwaltungsréit aktiv?
3. Wat ass den Altersduerchschnëtt vun de Fraen an de Conseilen?
4. Wei vill Prozent Frae setzen haut an de Conseilen ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten